PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg koum et an der Vergaangenheet schonn zu Enkpäss bei der Liwwerung vu verschiddene Medikamenter. Aktuell soll dëse Problem sech widderhuelen. D'Ruptures de stock kënnen dozou féieren, dass Dokteren hire Patienten Alternative musse verschreiwen. Alternativen, déi se de Patiente jo an enger éischter Phase net wollten als Behandlungsmethod virschloen.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1874 vum Februar 2020, déi sech och mat deem Sujet beschäftegt huet, sot d'Ministesch:

> *"Les titulaires d'autorisations de mise sur le marché et les fabricants sont tenus par la législation de l'UE d'informer les autorités compétentes des Etats membres bien à l'avance en cas de rupture d'approvisionnement entraînant une pénurie ou une cessation du marché.*
>
> *Par ailleurs, une analyse d'impact de l'épidémie de 2019-nCoV sur les chaînes d'approvisionnement pharmaceutique dans l'UE, et notamment sur les médicaments essentiels est actuellement en cours auprès de l'EMA (agence européenne des médicaments) et du réseau des autorités compétentes HMA (Heads of Medicines Agencies) dont le Luxembourg fait partie."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Sinn dem Gesondheetsministère Fäll vu Ruptures de stock an den Apdikte bekannt? Falls jo ëm wéi vill Zorte vu Medikamenter handelt et sech momentan?
2. Gouf de Ministère iwwert eventuell Liwwerenkpäss vun den Hiersteller informéiert?
3. Ass déi uewe genannten Etüd vun der EMA schonn ofgeschloss? Falls jo, wat sinn d'Resultater vun dëser Recherche?
4. Bei wéi ville Medikamenter koum et an deene leschte 6 Méint zu Ruptures de stock?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député